

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box	
Bestell-Nummer:	13026LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidisték:	3 Akte
Bünebiller:	1 – Stuff
Spilldauer:	+/- 110 Min.
Rollen:	8
Fraen:	4
Männer:	4
Rollensatz:	9 Hefte
Preis Rollensatz	142,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13026LU

De verréckte Professor

(Kaméidisték an 3 Akten)

vum

Helmut Schmidt

iwwersat vum

Jos Weimerskirch

Inhalt:

De Max Loschetter - dee sech als Dokter an als Professor ausgëtt, awer eigentlech just Apdikter an Hobbychemiker ass – a besiess un der Iddie, e Serum ze erfannen, wat de Schweessgeroch bei Leit komplett ënnerbannt. "Ni méi Schweess ënnert den Äerm, ni méi Problemer mat Schweessféiss" dat ass seng Devise. No méintelaanger Fuerschung an e puer gescheiterte Versich bei Raten a Méis sicht hien a seng Fra Paula schliisslech duerch eng Annonce an der Zeitung no Fräiwëlleger déi sech teste loosse sollen. Sechs Persounen melle sech fir di 500 Euro déi se um Enn kréie sollen a stellen sech dofir 4 Wochen zur Verfügung. D'Medikament huet zwar eng nenneswäert Niewewierkungen, dofir huet dat awer vill héich konzentréiert Hormoner. Duerch e Mëssgeschéck verwiesselt dem Max seng Fra di 2 verschidden Zorten fir Männer a Fraen an et kënnt an der "Praxis" vum Max Loschetter zu staarke perséinlechen Verännerungen bei de Patienten. E Géigemëttel muss hir- an zwar séier, ier di éischt Patenten mat enger Klo droen. Mee dat ass net esou einfach. Besonnesch de Philippe Reimen ass e ganz komplizéierte Fall. Hien huet fräiwëlleg di 5fach Dosis vum Serum geholl well e finanziell Problemer huet. Séier huelen di weiblech Hormoner bei him Iwwerhand. Just bei deem plumpen Willy Molitor an dem Angèle Saghuber ass komescherweis bal keng Verännerung ze erkennen. De ganze Versuch geréit ganz ausser Kontroll a séier weess kee méi genau – sinn ech weiblech oder männlech? A wéi dat ganz bal riskéiert ausser Kontroll ze geroden, gëtt duerch Zoufall de Géigemëttel entdeckt an et besteet nach Hoffnung op en Happy end ... mee och den "Dokter" selwer huet och vum Serum probéiert

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlëine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Rollen an Asätz

Persounen	Beschreibung	Asätz
Max Loschetter	Erfinder (ca 40 Joer)	154
Paula Loschetter	dem Erfinder seng Fra (ca 40 Joer)	142
Hélène Saghuber	Patientin (ca 50 Joer)	70
Freddy Saghuber	dem Hélène säi Mann (ca 50 Joer)	43
Angèle Saghuber	dem Hélène an dem Freddy hiert Meedchen (ca 25 Joer), genannt Tiffy")	142
Willy Molitor	Patient (ca 25 – 40 Joer)	144
Philippe Reimen	Patient (ca 30 Joer)	32
Charlotte Müller	Patientin (ca 40 – 50 Joer)	33

Nimm déi och nach virkommen

Marga	Marga
Klaus	Claude

Bünebild:

D'Bünebild weist de "Salon" vun der Koppel Loschetter. Et ass eng Mëschung tëschent Büro, Praxis, Salle d'Attente. Am Raum lenks ass a Schreifdësch mat Computer, vill Bicher a Classeuren, Fläschchen mat Flësegkeeten, Glieser, medezinesch Geräter, Tablette-Schachtelen e.a. Op Regaler stinn och vill Bicher e.a. Hannen un der Mauer stinn e puer Still an den Dësch. Um Dësch leien Zäitschrëften. Fir steet e "Behandlungsstull", d.h. 1 Stull fir sech drop ze leeën deen evtl. mat engem wäissen Duch opgedeckt ass - änlech wei bei engem Zännokter. Um Schreifdësch steet en Telefon ouni Kabel. Et sinn 2 Diere néideg. Eng féiert no hannen zu enger Salle d'Attente an och no baussen, eng zweet (hei mat riets beschriwwen) féiert zu weidere Privatraim vun der Koppel Loschetter an zu de "Behandlungsräim" an zu der Vestiären. Dës Diere muss vu baussen zougespaart kënnen ginn. Info: Am 2ten an am 3ten Akt kann de Behandlungsstull feelen.

Zäit:

Spillt zu der haiteger Zäit

Akt 1

Wann de Riddo opgeet, steet d'Paula Loschetter am wäisse Kittel an der Mëtt vun der Bün an hält ugëeekelt, awer och e bësse weeleideg eng doudeg Rat um Schwanz wäit vu sech - genau iwwert dem Pabeierkuerf. De Max steet hannert dem Schreifdësch, sicht verzweifelt no enger Mapp an den Tiräng, duerno an de Regaler. E bemierkt seng Fra bal net. Och hien huet e wäisse Kittel. Et ass matzen an der Woch Nomëttes.

Szeen 1

Paula: (traureg an ugëeekelt) Kunibert. Wéi konnts du eis dat undoen?

Max: (steet hir elo géigeniwwer) Paula, lo rapp dech e bëssen. Maer hu keng Zäit méi fir Niewesächlechkeeten, so maer léiwer wou di blo Mapp bliwwen ass.

Paula: Ech weess et net. – (um Kräichen) Max, maer hunn de Kunibert ëmbruecht.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Max: *(sicht weider)* Ëmbruecht ... en huet di 10 fach Dosis vu mengem neie Medikament net verdro. A wann ech endlech di blo Mapp fannen, da kann ech der genee soen **firwat** e gestuerwen ass.

Paula: Et ass just eng Rat – ech weess. A Raten hat ech eigentlech nach ni gär. Wee wëll déi schonn? - Mee de Kunibert war maer iergendwéi an d'Häerz gewuess. E war léif. Hunn ech recht?

Max: *(geet elo schätzeg bei et an hält den Eemer héich, schléit dem Paula op d'Hand, sou dass d'Rat an den Eemer fällt)* Paula, lo geet et awer duer Et gëtt schonn zënter Joren Raten fir ze fuerschen. Virun allem an der Kosmetik. Déi ass der dach esou *wichtig* *(hält den Eemer a stellt deen hannert de Schreifdësch)* Géi léiwer an d'Salle d'Attente a kuck no op ob nach ee feelt vun deenen déi sech ugemellt hunn. Maer sollten di eis Patiente net ze laang waarde loossen. *(sicht weider)*

Paula: *(kann der bal net gleewen)* Max du kanns dach elo net weider u Mënschen testen, wou eise Kunibert grad dorunner krepéiert ass. Wann dat eis och bei engem Patient geschidd ...

Max: *(fënnt endlech di blo Chemise)* Ma endlech. *(biedert dran, fënnt, a liest)* Steroiden, Polypeptiden. Aminen a Prostagladine.

Paula Hä?

Max: Weess de, Hormoner gi meeschtens an anatomesch ofgegrenzte Géigenden an an endokrinen Organer vun eisem Orgasmus produzéiert. A wa maer Kachsalz, Immunglobinen. Cholesterin, Fettsaieren a virun allem Waasser ofbaue wëllen - well de Schweess besteet jo zu 90% aus Waasser - da kann mäi Präparat bei Rate guer net wierken. Ech muss et u Mënschen ausprobéieren! A wichtig sinn do d'Hormoner, d'Hormoner A an O.

Paula: Max ech verstinn dovunner guer näischt. Ech hu just Angscht, dass do eppes schif goe kéint, maer schaffe jo hie schliisslech mam Liewen vu Leit. Ëm Gottes Wëllen wat maache maer?

Max: *(versicht et ze berouegen)* Maudi, op eis Annonce hu sech ëmmerhin 5 Persoune gemellt. Wann dovunner een an d'Grass bäisse sollt, da bleiwen der ëmmer nach 4.

Paula: Gelift?

Max: Et sinn och e puer eeler Leit derbäi. An eis Pensiounskeess ass souwisou eidel .

Paula: *(entsat)* Max!!!

Max: Dat wat net mäin Eescht. - Verstees du da net wat do dervunner ofhänke kann? Ech sinn um beschte wee de Nobelpräis ze kréien wann ech meng Erfindung op de Maart bréngen. Ech kann do derwéinst Millionär ginn. Villäicht si mar geschwënn räich

Paula: Jo oder maer sëtzen zu Schraasseg am Prisong wéinst Mord. Dat ass alles illegal wat s du do wëlles hues. Du bass just Apdikter an Hobbychemiker.

Max Ech wëll doriwwer elo net diskutéieren maer hunn eis dës Praxis hei ageriicht. Op eis Annonce hunn sech 5 Persoune gemellt. Déi sinn elo geschwënn hei a maer zéien dat duerch – basta. An ob ech Dokter sinn oder net, ass dach egal. Wann d'Leit e Kittel gesinn, ass dee fir se den "Halbgott" a wäiss.

Paula: Jo mee du bass mat der Zesummesetzung vum Serum nach guer net fäerdeg.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Max An der Rei - net ganz. Mee ech weess elo u wat et bis ewell gehappert huet. Ech ginn elo direkt an de Labo a bereeden alles vir. Du këmmers dech ëm d'Leit a kläers se schonn emol iwwer alles op. Maer wëllen nach haut mat den Tester ufänken. Ech brauch nach héchstens 10 Minutten (*schonn um Wee fir no riets fort ze goen*)

Paula Mee Max, du kanns mech dech net mat dëse Leit aleng loossen, wat och ëmmer dat der fir sinn.

Max. Um Schreifdësch läit alles wat s de wësse muss. De Formulaire muss vu jidderengem ausgefëllt ginn, an ënnersichen musse maer d'Patienten natierlech och. Nujee, op mannst maache maer esou, fir dass alles wéi echt wierkt - a lee dech awer net queesch an hëllef maer. Wann alles klappt kriss de och de Pelzmantel vun deem s de schonn zënter 7 Méint dreems.

Paula (*begeeschtert*) Wierklech? Oh Max ...

Max Jo, dat ass versprach. Bis herno, of)

Paula (op eemol a Panik) Ënnersichen? Maer müssen d'Leit ënnersichen? Mee dovunner hu maer keng Anung. O nee, dat geet schif, dat geet zu 100 % schif. (*këmmt, dann no hanne fort, vun do héiert ee si, mee richtig veronséichert*) Sou, wann der da matkomme wéilt.

Hélène (*nach vun hannen*) Maer all mateneen?

Paula Jo richtig.

Szeen 2

Paula (*kënnst nees eran, hannert hir kommen d'Hélène, de Freddy an d'Angèle, déi sech all e bëssen onsécher ëmkucken*) Wann ech gelift – huet Aech Plaz (*hëlt e Klemmbriet mat enger Lëscht vum Schreifdësch*) Wann der maer aere Numm soe kéint?!

Hélène (*mat Posch, Hutt Mantel, e bëssen almoudesch ugedoe – richtig ongezwongen*) Ech sinn d'Hélène Saghuber – dat ass de Freddy, mäi Mann an dat ass eis Duechter d'Angèle. Mee jiddereen nennt et zënter Éiwegkeet Tiffany)

Freddy (*genee esou onmodern gekleet mat Paltong, karéiertem Hiem Krawatt, déi faarweg net um Hiem passt an engem Hutt*) Jo – Moien.

Paula (*sträicht op der Lëscht di 3 Nimm duerch a wierkt nervös*) Prima. Maer waarden am beschten bis di aner hei sinn. Dräi feele nach (*kleng Paus*) Tja, wou bleiwen déi soulaang. (*kleng Paus*) Ech si geschwënn nee jo. (*fort no riets*)

Szeen 3

Hélène, Lo sinn ech awer emol gespaant wéi dat hei oflafe soll. E bësse komesch schéngt mer dat heite schonn - meng der net och? An di Madame Dokter behëlt sech och esou komesch.

Angèle (*eng jonk Fra. Wat typesch fir hir Elteren och ganz onmodern an aussergewéinlech gekleet ass. Rack mat kuerze Strëmp o.ä. event. Trëtzen - an hirer Aart richtig plomp*) Mamma, ech sinn total nervös. (*huet e Glas mat Cornichone an der Hand, wou et sech permanent während dem Dialog der hëlt*)

Hélène: Jo, fro mech emol.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Freddy Hélène, wien hat dann eigentlich hei virdrun seng Praxis?

Hélène Ech si maer guer net bewosst, dass hei iergend eng Kéier virdrun en Dokter praktizéiert sollt hunn An un der Dier ass jo och kee Schëld.

Angèle Wat ass dat da fir en Dokter? Dach kee Fraendokter? Ech hunn do dervunner Angscht.

Hélène Kand, lo rapp dech emol zesummen! An der Zeitung stoung, dass hien e Professor ass. A wann et e Gynécologesch wier, da wier de Papp sécher net hei.

Freddy. Hélène, Gynécologue heescht dat.

Hélène (sec) Freddy, hal de Mond, dat heescht Fraendokter, fäerdeg.

Szeen 4

Willy (kënnt eran, kuerz nodeem en un der Dier geklappt huet. En einfache onbehollefe jonke Mann. Och seng Kleedung ass net zäitgeméiss. En huet eventuell Héichwaasser, Brëll mat décke Glieder, Frisur mat vill Gel o.ä.) Moien. Sinn ech hei richteg bei deem neien Dokter?

Hélène Jo dat si der. Maer waarden och.

(de Willy sëtzt sech niewent d'Hélène, ëmkuckt sech a kuckt duerno verleeën viru sech, en hält sech de Bak mat der Hand, D'Hélène kuckt en e bëssen ofwäertend un).

Willy (no enger Verleeënheetspaus) Ech ... ech sinn di éischte Kéier hei.

Hélène: Jo meng der, mer hätten dat schonn eng Kéier gemaach? Ech war schonn iwwerrascht, wéi ech di Annonce an der Zeitung gelies hunn. Mee ech hunn direkt zu mengen Freddy an zu eisen Tiffy gesot, dat ass eppes fir Aech. Do muss der hin. Mee well se jo ganz aleng sech an d'Box maachen, muss ech och an de saueren Apel bäissen a si matkomm.

Freddy Hélène, dat stëmmt net. Du soss virdrun, dass du héi deelhuele wëlls. - Well ëmmerhin kritt jiddereen deen hei matmécht 500 €.

Hélène (bestëmmend) Freddy, géff dech, hal de Mond.

Angèle (zum Willy no enger klenger Paus) Moien, ech sinn d'Angèle. Mee di hallef Welt nennt mech Tiffy- Wéinst dem Geld sinn ech elo wierklech net hei. Wësst der, ech wëll gären hëllefen.

Willy. Jo maer geet et genee esou.

Angèle: Ech hunn zënter Joren grouss Problemer mam Schweessgeroch. Och wann ech mech 3 Mol am Dag duschen an Deo-spray benotzen.... – näischt huet bis ewell gehollef. Dat ass maer ëmmer äusserst penibel. Ech hunn och nach kee Frënd. D'Mamma seet ëmmer, dat wier, well ech esouvill sténken.

Willy (schnoffelt) Jo, do huet si Recht. Dat richt wierklech net gudd.

Hélène Ech hunn domadder Chance – Gott sei Dank – keng Problemer. Mee mäi Freddy, wann dee seng Schung ausdeet, ech soen Aech - e Gestank, wéi wann ee vergaast géif ginn.

Freddy Hélène, Du elo net jidderengem all Detail verzielen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Hélène

Wéisou? Well et wouer ass? An ech muss et jo schliisslech och aushalen. 28 Joer schonn (zum Willy) Ech soen Aech- ech hätt wierklech e Grond gehat, fir mech scheeden ze loosse.

Willy Aha. Dat ass jo wierklech intressant.

Angèle. Gell Mamma, wann den Dokter hei elo e Wonnermëttel huet, dann ass eis allen 2 gehollef

Hélène Wann, méi Kand - wann!

Freddy Jo genee, Virdrunner musse maer fir d'éischt wëssen wat fir Niewewierkungen dat Medikament huet, soss maachen ech guer net mat.

Hélène Jo Freddy, du hues eigentlech recht. Villäicht kritt ee vun deem Medikament Blähungen oder esou. Da ginn ech direkt aus dem Haus, dat garantéieren ech der.

Willy Äh ... ech verstinn net esou richtig. Wouvunner schwätz der eigentlech? Sinn ech hei net bei dem neien Zännokter?

Hélène Wat? (*muss laachen*) Bei engem Zännokter? Em Gottes Wëllen.

Freddy Jonke Mann - maer sinn hei beim Professor Dokter Loschetter. An dee mécht haut näischt anescht, wéi ...

Szeen 5

Max (*kënnt schëtzeg eran, hannendrun ass d'Paula, sou dass de Freddy ënnerbrach gëtt, De Max huet an all Hand e Krou dee bis uewen mat enger gieler Flëssegkeet gefëllt ass - Aepelsaaft o.ä. Ee vu béide Kréi huet däitlech e e blot Zeechen [Tape] – Kräiz, Krees oä. Deen aneren ass rout gezeechent*). **Souuuu**, hei sinn ech. Et deet mer leed, dass der hutt misse waarden, mee elo kann et lass goen (*stellt béid Kréi um Dësch of, sou dass se gudd vum Publikum ze gesinn sinn. E gëtt jidderengem manéierlech d'Hand*) Loschetter. Professor, Dokter Max Loschetter. An dat heissen ass meng Fra d'Paula. Daer hat schonn mat hir d'Éier.

Hélène (*an all di aner stinn op a ginn him noeneen och d'Hand*) Saghuber.

Freddy Haer Professor ...

Angèle Moien Haer Dokter.

Willy Loschetter? Ech kéint schwieren, dass meng Mamm en anere Numm gesot huet.

Paula (*hëlt nees d'Klemmbried*) Kéint der maer wgl. äre Numm soen?

Willy Willy. Willy Molitor. Ech hunn zwar keen Termin, mee meng Mamm sot an engem Noutfall kéint ech och einfach esou kommen.

Paula Molitor? E Molitor hunn ech net op e er Lescht. (*kuckt froent op de Max*)

Max Paula, dat spillt keng Roll - Ee méi oder manner, dat ass schäissegal. A wann et wéi gesot e Noutfall ass (*schnuppert*) O jo... e Noutfall!

Willy: Jo genee. Wësst der - d'Péng ass hei ënnen op der lénker Säit. (*weist op säi Bak*)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Max Jo, jo dorëms këmmere maer eis herno. Maer wëlle näischt dem Zoufall iwwerloossen. Ier et esouwäit ass, brauche maer nach e puer Informatiounen. Op der reegelméisseg Medikamenter anhuel, wat der schonn un Operatiounen hat an esou Saachen - an eng kleng Grondënnersichung musse maer och nach bei Jidderengem maachen (*kuckt op seng Lëscht*) Haer Saghuber?

Freddy (*mellt sech*) Ähm ...

Hélène (*ënnerbrécht en direkt*) Jo hei – dat ass mäi Mann.

Angèle (*wénkt zoustëmmend mam Kapp*) Hmmmm! Dat ass mäi Papp.

Max Wann ech Aech da bieten däerf fir mat maer ze kommen (*um Wee fir no riets*)

(*De Freddy bléift onsécher sëtzen a kuckt froend d'Hélène*)

Hélène Allez da géi dach du Schlofmütz.

Freddy Jo, et ass jo schon an der rei

Max (*geet onsécher zum Freddy a seet zum Paula*) Paula, du këmmers dech ëm d'Madame Saghuber. Maer ginn an d'Behandlungszëmmer 1. (*fort*)

(*De Freddy geet no*)

Paula (*ëmmer nach onsécher*) Also dann. Madame Saghuber wann ech gelift

Angèle Jo hei.

Hélène (*steet mam Angèle op*) Ech? Oder meng der meng Duechter?

Paula Eh.... also Madame Hélène Saghuber?

Hélène Jo dat sinn ech (*zum Angèle*) Tiffy, du waarts hei esou laang Et wäert schonn net laang daueren, dann ass et un Daer.

Angèle (*mat gudd gefülltem Mond*) An der Rei, Mamma.

(*d'Paula ass schonn riets bei der Dier*)

Hélène (*dréint sech nach eng Kéier ëm*) An iess net an engem Stéck di sauer Cornichonen. D'Leit mussen denken du wäers schwanger. Dobäi bass du dach selwer nach e Kand. (*zum Paula*) Hat ässt de ganzen Dag Cornichonen. 3 bis 4 Glieder ässt et all Dag. An dat schonn zënter Méint. Dat ass dach net normal? Hu der net e Medikament do dergéint? Wee weess – villäicht sténkt et dofir esou.

Paula Tja also ... kommt elo emol fir d'éischt mat maer. (*freet et fir vir ze goen*) Am Zëmmer 2 wann ech gelift.

Hélène O Jo. Soll ech schonn ufänken mech auszedinn? (*fort*)

Paula Äh... jo, wéinst menger. (*och fort, Dier zou*)

Willy (*schwätzt nach zu der Dier hin*) Also, am Fong sinn ech awer keng Urgence.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Szeen 6

Angèle (*an de Willy otem schwéier gemeinsam op. Dann eng kuerz Paus*) Wëll der och eng Cornichon?

Willy Also am Fong hunn ech déi och gär, mee ech weess net op et eng gudd Iddie ass wann ech esou eng iessen, just ier den Dokter maer an de Mond kuckt.

Angèle (*versteet net*) Hä? – also, iergendwéi hunn ech d'Gefill wéi wann der hei falsch wäert.

Willy Falsch hei? Wéi komm der dorop?

Angèle Ma der schwätzt vun Zännokter an halt di ganzen Zäit aere Bak un.

Willy Jo, d'Péng ass net méi fir auszehalen.

Angèle Dat gleewen ech Aech gär. Mee dat heiten ass de Professer Dokter Loschetter. Dee këmmert sech eigentlech guer net ëm Zänn, dee mécht hei

Szeen 7

Philippe: (*stiermt ouni unzeklappen eran an ass ganz ausser Otem an ausser sech. E flotte jonke Mann, leger gekleet, mee net zevill modern*) Moien? Sinn ech net ze spéit?

Angèle Ze spéit?

Philippe: Ma fir d'Experiment.

Willy Experiment?

Angèle Ech menge net. Meng Eltere gi grad ënnersicht – a maer 2 sinn jo och nach do.

Philippe: Gott sei Dank. (*sëtzt sech op de Stull*) Philippe Reimen. Gudde Moien

Angèle Tiffy Saghuber. Mee eigentlech heeschen ech Angèle.

Willy Willy Molitor.

Philippe: Wësst der, ech hu guer keng Sue méi?: Do kënnt dat Experiment grad am richtigen Ament. Ech si scho 3 Méint mam Loyer hannendran - kann ech net geschwënn Geld kréien, gesäit et bei maer schlecht aus.

Angèle Hmm. Ëmmer nach esouvill Mount, wa keng Sue méi do sinn. Dat kennen ech. (*laacht*)

Philippe: Huet dëse Professer eigentlech scho gesot wéini maer d'Geld kréien? Haut oder eréischt zum Schluss?

Angèle Dat weess ech och net, ech weess zwar vill, mee dat och net.

Willy Iergendwéi kommen ech do net mat? Maer solle Geld kréien? Fir wat?

Philippe: Gelift? Maer landen hei de gudde Coup. Vreck, du weess dat net? Ech si **just** wéint dem Geld hei. Maer geet et ëm, näischt anescht 5000 Euro kritt jiddereen dee matmécht.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Willy Matmécht? Bei wat matmécht?

Angèle Dat hunn ech dach elo grad versicht ze erklären. Also – pass op:

Szeen 8

Charlotte (kënnt eran. Eng nobel gekleete e bëssen hochnäseg an an hirer Aart eng arrogant Persoun. Staark geschminkt, evtl. mat Hutt. Händchen o.ä..) Bonjour.

All Moien. (*kucke sech hat un well hiren Outfit dach awer opfälleg ass*)

Charlotte (*setzt sech, deet hir Händchen aus, wullt an hirer Posch no engem Spigel, puddert sech bzw. zitt hir Lëpse no o.ä., da sec*) Jo, wat kuckt der mech all? Ech sinn kee raart Konschtwierk.

(*all kucken séier an eng aner Richtung*)

Charlotte (*no enger weiderer länger Paus*) Sot emol, gött een hei opgeruff, oder muss ee sech umellen? Hei am Virzëmmer hunn ech nämlech kee begéint.

Angèle De Professor ënnersicht di éischt schonn.

Charlotte Ënnersichen? Aha.

Angèle Gudd, dass d'Mamma de moien nach gesot huet, ech soll frësch Ënnerwäsch undoen, gell?

Willy Dat ass meeschten esou wann ee bei den Dokter geet, seet meng Mamm och ëmmer.

Charlotte Also wierklech, onméiglech insortable

Angèle Wëll der eng Cornichon?

Charlotte (*ofwäertend*) Nee merci.

Angèle (*zum Philippe*) Du?

Philippe: Nee, villmools Merci.

Angèle: Ech si richtig opgereegt. Daer och?

Willy Ech hu just Péng – soss näischt.

Philippe: Tiffy, cool bleiwen. Du muss ëmmer just un d'Geld denken.

Charlotte Tss ... wéi wann dat wichteg wier. Dëse Professor ka roueg säin Honoraire halen wann e maer domadder hëllef kann an ech vu mengem Leiden befreit ginn. (*ëmuckt sech e bësse skeptesch*)

Philippe: Hy, wann der di 500 Euro net huet, dann huelen ech se gär.

Charlotte Jo dat gleewen ech Aech direkt.

Willy 500 Klacken?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Angèle Willy 500 Klacken oder Euro ass sécher fir de Philippe dat selwecht.

Willy Jo, mee wat huet dat mam Zännokter ze dinn?

Philippe: Boh, hues du dann eigentlech nach ëmmer net verstanen a wat fir enger Situatioun maer sinn?

Charlotte. Himmel, wou sinn ech hei gelant?

Philippe: (*weist op di gefüllte Kréi*). Ob dat de Serum ass? Dat ass jo geil. (geet dohin a kuckt sech béid Kréi un)

Angèle An dat solle maer drénken?

Willy An dann ass och meng Péng fort?

Philippe: Nee, mee da sténks den et méi. An dofir hält ee dach e bësse Péng a Kaaf.

Willy Wéi mengt deen dat elo?

Angèle Willy, et deet maer leed wann ech Daer dat soe muss, mee ech mengen esou lues, du bass schwéier vu Begrëff.

Charlotte Also, wann hei net geschwënn ee kënnt dee net mengen Niveau entsprécht, da ginn ech nees.

Philippe: (*sëtzt sech nees*) Héiert, héiert, d'Madame fillt sech an eiser Gesellschaft net wuel.

Angèle (*reecht hir d'Glas*) Villäicht huel der **awer** eng Cornichon, dat geet et Aech sécher direkt besser

(*Charlotte went sech of*)

Angèle Ma dann eben net.

Willy Äh... dierft ech villäicht e bëssen vun deem Esseg drénken? Ech hale meng Péng nämlech bal net méi aus.

Angèle Jo gären.

(*de Willy sëtzt d'Glas un an drénkt den Esseg*)

Charlotte (*gesäit dat*) Nee wéi schrecklech.

Philippe: Krass, deen drénkt Esseg.

Willy Ooooooh ... deet dat gudd. (*gëtt dem Angela d'Glas zeréck*) Villmools merci.

Szeen 9

Hélène (*kënnt zeréck, knäppt beim erakommen d'Bluse nees zou*) Gesi der, maer si scho fäerdeg. Dat giong ruckzuck. Allez Freddy, da komm.

Freddy (*kënnt do derzou, hien huet seng Box nach net ganz erop gezunn wat en beim erakomme mécht*) Jo Hélène, ech komme jo.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Hélène (gesäit d'Charlotte an de Philippe) O. Gudde Moien.

Philippe: Moien.

(D'Charlotte seet knapps Moien a kann et bal net gleewen, dass de Freddy sech undeet, mécht grouss Aen)

Hélène (gesäit dat a geet séier bei de Freddy fir dem ze hëllefen). Alle Freddy, maach virun. Maer sinn hei net aleng. Wat soll di Dame vun der denken?

Freddy Jo Jo ... (huet liicht Problemer mat senger Tirette)

Angèle Mamma, huet dat net wéigedoe?

Hélène Quatsch – wat soll dann do wéidinn? Tiffy, du brauchst net ëmmer Angscht ze hunn (hëlleft dem Freddy d'Tirette zou ze maachen a stellt sech schützend virun en)

Szeen 10

Max (De Max kennt nees zeréck, hannendrun ass d'Paula mat den Ennerlagen. De Max ass nach ëmmer opgedréit, Paula wierkt éischter nervös an onsécher) Souuu ... Do hätte maer jo de Rëscht. (gëtt dem Charlotte d'Hand) Loschetter, et freet mech.

Charlotte Et feet mech. Müller

(d'Paula begéisst nom Max- och alle béid andeem se d'Hand gëtt)

Max (begréisst de Philippe) Professor Loschetter.

Philippe: Philippe Reimen. Geet et elo lass?

Max. O, do hu maer een dee kann et knapps ofwaarden (kuckt op den seng Lëscht) Haer Reimen ... (markéiert um Blat) Madame Charlotte Müller. A, jo. Also dat heiten ass meng Fra d'Paula. An . richtig, Haer Reimen, es geet elo direkt lass. Maer si schonn matzen dran Wann ech Aech 4 dann mol mat niewendrun bieten däerf (weist op d'Angèle, d'Charlotte de Willy an dem Philippe)

Angèle Mamma, ech sot elo grad zu deenen aneren, dass et gudd ass, dass ech de Moien frësch Ennerwäsch ugoe....

Hélène Kand!!! Wann ech gelift!

(alle 4 sinn opgestan)

Max Do, wann ech gelift. (weist op d'Dier a léisst alle 4 bei sech laanscht)

Charlotte (während et erausgeet) Ass dat hei eng Massenofterdegung? Tss Tss ... (of)

Philippe: Ech kann et knapps erwaarden, Haer Dokter. Sot de Goss, gëtt et deen eigentlech virdrun? (of)

Max Ech soen Aech gläich eppes do derzou.

Angèle Soll ech mech och ausdoen? (mécht schonn hir Bluse op, fort)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Willy (*weist op säi Bak*) Hei ennen Haer Dokter, hei ennen ass den Zant dee mech quäält, net auszehalen ass dat. (*of*)

Max Jo, jo (*zum Hélène, Freddy a Paula*) Ech si geschwënn nees do, an da fänke maer un. Der kënnt hei waarden oder vir an der Salle d'Attente. - Paula, offrëier eise Patenten dach eppes. (*fort, mécht d'Dier zou*)

Szeen 11

Paula Jo, --- huet Aech dach Platz.

Hélène Freddy sëtzt dech nees dohin. (*mécht dat och*)

Freddy Jo Hélène. (*sëtzt sech*)

Paula. Wat kann ech Aech ubidden? Villäicht eng Taass Kaffi?

Hélène Jo gär.

Paula En Ablack. (*fort no hannen*)

Szeen 12

Hélène Eng esou komesch Ënnersichung hunn ech a mengem ganze Liewen nach net matgemaach. Ech froe mech wierklech wou du 2 studéiert hunn.

Freddy: Hélène, mee di **Madame** Dokter ass fein.

Hélène (*ironesch*) Jo sécher. Wann et ëm Frae geet, fënns du se all fein. Huet déi dech da richtig ënnersicht?

Freddy Majo, am Fong net richtig. Si huet mech ofgelauschtert. An e ganze Koup Froen huet si maer gestalt. Mee d'Oflauschteren huet et ganz grëndlech gemaach.

Hélène Tsss ... wat kann een do falsch maachen?

Freddy Ma ech menge jo blouss.

Hélène Kee Wonner, dass et bei der esou séier gaangen ass. Laang hätt den Dokter et mat dengem Gestank net ausgehal, soss wier e schonn dout ëmgefall. Has du dem Professor weinstens éierlech gesot, wéi laang s du schonn ënnert dësem fierchterleche Schweessgeroch leits.

Freddy Hmmm ... jo dat wollt hien wëssen. Mee ech wusst dat net esou genee Du sees ëmmer, ech hätt schonn ëmmer gestonk.

Hélène Jo dat hues de jo och. Wéi ech dech kenne geléiert hunn, hues du scho gestonk. Dat weess du dach nach ganz genau.

Freddy A fir wat hues du mech bestuet?

Hélène Well s du maer wochelaang nogelaf bass a well s de jo keen anert krut hues, dofir, ... (*kuerz paus, kuckt op d'Auer*) Wéi laang dauert dat hei nach? Ech hunn nach e grouse Kuerf

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Wäsch fir ze strecken, an ech muss och nach akafe goen - An du muss nach d'Onkraut am Gard eraushuelen, ier et méi grouss gewuess ass wéi eist d'Geméis.

Freddy. Hélène, muss dat sinn?

Hélène Jo dat muss sinn. A fräsch Loft deet der souwisou gudd.

Freddy Wéint mengem Schweessgeroch mungs de?- Do dergéint kréie maer elo geschwënn eppes.

Szeen 13

Paula (kënnt nees eran) Wann et Aech näischt ausmécht komm der mat vir an der Salle d'Attente aere Kaffi ze drénken. Et dauert sécher nach en Ament ier d'Experiment richteg lass geet (*geet schonn nees no hanne fort*)

Hélène Jo sécher, wéi der mengt (*steet op a geet schonn no hannen bei d'Dier*)

(*de Freddy sëtzt nach*)

Hélène (*bei der Dier, sec zum Freddy*) Freddy Saghuber, hues du Bounen an den Oueren? Maer sollen hei niewendrun de Kaffi drénken.

Freddy (*steet schnell op*) Jo, Hélène, wéi s de mungs. (*geet laanscht si no hannen*)

Hélène Gott, wéis du sténks. Haut ass et besonnesch schlëmm. (*dann hannendrun, Dier zou*)
(*kuerz Paus*)

Szeen 14

Max (*kënnt nees mat 2 gläichgrousse Fläschchen op engem Tablette eran. Déi hunn all Kéier d'Gréisst vun 0,33 – 0,5 l Gedrénksfläschchen an deenen eng kloer Flëssegkeet ass, an och 2 weider kleng Medikamentebecher mat Flëssegkeeten. Di 2 Fläschchen sinn - esou wéi d'Kräi – all Kéier mat engem bloen an engem roud Kräiz markéiert. E stellt d'Tablette ganz virsichtig of, do wou schonn di 2 Kräi stinn, rífft*) Paula? Paula!

Paula (*kënnt vun hannen eran. Et wierkt sou wéi virdrun nervös an onsécher*) Ja?

Max Et ass un eis. Hei ass alles wat maer brauchen. Paula, d'Zukunft – **meng** Zukunft, ech mengen natierlech eis Zukunft, steet hei um Dësch.

Paula Max, wou sinn d'Patiente?

Max Wat?- A, ëm déi këmmere ech mech geschwënn nees

Paula Max, wëlls du dech net nach e puer Deeg mam Medikament beschäftegen an d'Patienten eréischt fir di nächst Woch ruffen? Ech mengen, villäicht solls de nach eng Kéier un enger Maus oder enger Rat experimentéieren.

Max Kënnt net a Fro. Paula, ech si maer sécher. Haut oder ni.

Paula An du bass der och ganz sécher, dass haut näischt schif goe kann?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Max Zu 100 Prozent. Also zu 99 – mee dat sinn der bal 100. Hei, *(weist op di kleng Plastikbecheren)* dat ass dat Wonnermëttel - e Belladonna Extrakt, Jaborandi Pentarkan an dat wichtegst. Hahnemann D6 *(schëtt den Inhalt vu béide Plastikbecheren all Kéiers an e Krou. Hëlt beim nächsten Dialog e Bengel aus dem Regal o.ä. réiert den Inhalt bei béide Kréi)*

Paula A wann awer eppes schif geet? Sou wéi beim Kunibert?

Max Paula, wann ech gelift.

Paula. A wat ass dat scho méi *(weist op di 2 Fläschen)*

Max Dat – léift Paula - ass den A an O. Dat sinn héich konzentréiert Hormoner. Männlecher a weiblicher Weess de, de Schweess vum Mann ass ganz anescht wéi dee vun der Fra. A wann dës Hormoner zesummen mat mengen Hanemann D6 d'Mikrokokken an d'Diphteroiden ugräifen, dann ass et séier eriwwer mat de Schweesdrüsen - fir ëmmer. An de Gestank ass Schnéi vu gëschter.

Paula Ech hoffen, dat geet gudd.

Max. Ech soen der - di nächst Woch stinn ech op der éischter Säit vun der Bildzeitung.. Ech sinn den absolute Megastar "Apotheker erfand Wunderwaffe – der Nobelpreis ist ihm sicher."

Paula Hmm.

Max. Paula ech muss mech sécher nach eng Kéier mat de Patienten ënnerhalen ier maer lass leeën Du muss nach séier d'Hormoner a béid Kréi schëdden an dann alles gudd mateneen verréieren - op mannst während enger Minutt. Dee mam roud Kräiz an dee selwechte Krou, dee mam bloe Kräiz och. Hues du dat verstanen?

Paula Max. Ech si jo net blöd.

Max Paula dat ass wichteg. Dat dierf s de net verwiesselen blo zu rout ass net kamoud a rout zu blo ass och schro - Ech sinn an e puer Minutte nees zeréck an da fänke maer un. *(geet nees voller Freed no riets)* Nee wat freeën ech mech.

Szen 15

Paula *(aleng, otemt op, betruecht béid Fläschen mat de verschiddener Kräizer. Di Kréi müssen esou op den Dësch, dass se vun den Zuschauer gudd ze erkenne sinn, béid Fläschen och- Och Kräizer müssen zu den Zuschauer weisen - - Paula hëlt d'Fläsch mam roud Kräiz a wëll déi schonn an de Krou kippen wéi den Telefon rabbelt, d'Paula ass erféiert an hieft op. Vun der Flëssegkeet huet et nach weider nâischt an de Krou geschott, mee huet d'Fläsch an der Hand)* Jo. Et geet halt sou. De Max huet sech dat nun emol an de Kapp gesat, Nee en experimentéiert scho wochelaang. Haut soll hei esou eppes wéi e Wonner geschéien. Mech nervt dat ganz just. An esou richteg verstanen hunn ech dat ganz och net – An du? Wat méchs du esou? Wat? Du bass schwanger? Marga- ech kann et bal net gleewen. Dat ass di schéinstee Noricht zënter laangem. 12t Woch? Ma dann hues de jo nach e bëssen Zäit fir Strampelboxen ze strecken.

Max *(rifft vun niewendrun)* Paula, ass alles virbereet?

Paula *(e bëssen erféiert)* Äh.... jo – nach net ganz. Nach eng Minutt. *(schëtt séier ouni nozedenken d'Fläsch mam roud Kräiz an de Krou mam bloe Kräiz, bei der anerer Flëssegkeet de Contraire. Duerno réiert et mam engem Bengel. Iwwerdeems)* Nee Marga, dat war de Max. Du kenns e jo- wann hien sech bis eppes an de Kapp geseat huet ... en huet lo just seng

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Medezin am Kapp. Ech sinn him quasi egal. Wéini gesinn maer eis eng Kéier? Komm dach bei eis. Du weess dach, dass ee gudd mam Éffentlechen Transport bei eis kënnt an deen kascht och näischt Jo? Super Marga. Du telefonéiers eis jo awer virun.

Max (*stäerkt de Kapp eran*) Paula fir ze telefonéieren hu maer elo wierklech keng Zäit. Kënne mer? (*d'Dier nees zou*)

Paula. Jo, - Marga et deet maer leed. Ech muss anhänken, de Max brauch mech. Ech ruffen dech muer zeréck. Eierewuert. An elo pass mat allem op. Esou eng Schwangerschaft mat iwwer 40 ass ëmmer e Risiko. Nee esou hunn ech dat net gemengt. Ech mengen et just gudd, verstees de!

Max: (*kënnt schëtzig zeréck a rappt dem Paula den Hörer aus dem Grapp*) Meng Fra kann elo net méi. Pardon (*leet op*)

Paula Max, dat war d'Marga.

Max A wann et de Poopst perséinlech war. Dofir ass elo keng Zäit. 6 kleng Glieder brauche mer. Allé zack zack.

Paula Et ass scho gudd (*schëtzig no hannen*)

Max (*hält stolz ee vun de Kréi héich*) Dës ass elo d'Stonn vun der Wourecht. 16 Méint hunn ech dorunner gefuerscht. An haut ass et esouwäit (*stellt de Krou nees hin, klätscht dann 3 Mol an d'Hänn a seet haart*) Meng Herrschaften. Wann der dann esou léif wäert ...

Szeen 16

Hélène (*kënnt séier vun hannen*) Allé Freddy, lo maach virun.

Freddy (*kënnt derzou*) Ech komme jo. Hélène.

Hélène Haer Dokter, der mengt eis jo?

Max Jo, jo.

Hélène. Eigentlech waarde maer jo nach op eise Kaffi.

Max Herno, Madame Saghuber. Do derzou ass elo keng Zäit (*riff haart no riets*) Hallo? Komm der wgl?

Szeen 17

Angèle (*kënnt am Kleedchen oder BH eran. Si huet hire Pullover oder hir Bluse an der Hand deen et grad undoe wëll. Si huet awer Problemer domadder well et d'Cornichonglas an enger Hand huet*)

Hélène (*geet direkt bei et*) Kand, wann dech een esou gesäit (*hëlleft hir*).

Angèle Ech ka jo net dofir.

Charlotte (*kënnt och derzou, riicht beim erakommen nach hir Kleedung*) Onerhéiert, fir d'éischt solle maer eis fréi maachen, an elo nees heihinner kommen ... also wierklech!

Angèle Jo genau. Dofir sinn ech och nach net ganz ugedoe.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Hélène Jo, Jo. Looss mech, ech maachen dat.

Philippe: Haer Professer, ech sinn esouwäit – et ka lass goen (ganz “waarm” op dat wat elo geschéie soll) Wéini gött et eigentlech d’Geld, hä?

Max (*rifft nach niewendrun*) Haer äh – Molitor?

Willy (*kënnt am Kalzong vu riets, en huet d’Box an der Hand*) Ja? (*hält sech och mat enger Hand de wéien Bak*)

(*se mussen all laachen*)

Willy Ech sollt mech dach ausdoen.

Max Haer Molitor, d’Ënnersichung am Virfeld ass net esou wichteg. Ech hunn e Feeler gemaach, ech weess. Et deet mar leed.

Charlotte: Maer deet ech och bal leed – leed, dass ech iwwerhaupt heihinner komm sinn.

Willy Wéisou sollt ech mech dann ausdoen. D’Péng, Haer Dokter ass eigentlech *hei* (*weist op säi Bak*)

Max Jo, jo.

Szeen 18

D’Paula kënnt mat engem Tablette vun hannen eran Dorobber sinn 6 eidel Becheren oder Gliesser, ongeféier esou grouss wéi Jughurtbecheren, héchstens awer ca. 0,2 Liter.

Max Sou – meng Damen. Meng Haeren. Geschwënn ass et esouwäit. Daer hutt all dat selwecht Problem. Nämlech Schweess - dee net besonnesch gudd richt.

Hélène Dat klengt gudd. Net besonnesch gudd richt... – Mäi Freddy sténkt wéi e Fëschotter.

Charlotte Allerdéngs. (*geet e Schratt op d’Säit*)

Freddy Hélène, muss dat sinn?

Hélène Wéisou? Hunn ech da net recht?

Max An der sidd haut hei, fir deem lwwel definitiv lass ze ginn. Duerch mäi Wonnermëttel dauert et net laang, an äert Leiden huet fir ëmmer en Enn.

Angèle Ma hoffentlech. (*ësst eng Cornichon*)

Willy Moment emol. Ech verstinn net esou richtig

Max: A 4 Wochen kënnt der e ganz neit Liewen ufänken - dat ganz ouni deen iwwerdriwwen richende Schweess Wéi der wësst kri der eng Entschiedegung well ech de Produit eréischt an den Handel bréngen därerf, nodeems den Erfolleg beluecht ass.

Philippe:
Jo richtig. 500 Euro gell?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Max Jo sécher. Dofir muss der 3 Mol an der Woch heihinner kommen. Méindes, mëttwochs a freides. An all Kéier krit der vu maer e Becher mat dem Superdrink. Di bescht Seef, deen deiersten Deo, 6mol duschen am Dag, näischt huet Aech bis ewell gehollef. Ass et esou?

(allgemeng Zoustëmmen)

Max Gleeft maer, mäi Wonnermëttel méchs dat onméiglecht wouer. Schweess ass geschwënn vergiess.- Maer schaffen mat 2 verschidden Zorten, eng fir d'Männer an eng fir d'Dammen. Dat ass wéinst den Hormonen.

Charlotte: Hormonen

Max Genau. Ouni staark konzentréiert Hormoner léist d'Wierkung sech net realiséieren.

Hélène A Niewewierkungen?

Max Hutt wgl. keng Bedenken. Eng Fra ass eng Fra an e Mann ass e Mann. Madame Saghuber, Daer hutt dach sécher näischt dergéint e bèsse méi weiblech ze ginn. *(weist mat den Hänn an der Broscht Géigend)*

Hélène *(e bèsse verleeën awer lëscht mat hirer Bemierkung)* Ah sou, nee an der Rei. Wa mäi Freddy doduerjer méi männlech gött, hunn ech absolut näischt dergéint.

Max Gesi der, dat ass alles De Cocktail huet soss eng Niewewierkungen. Dorop krit der mäin Eierewuert, an dat steet och an de Kontrakter.

Charlotte Haer Professor - iergendwéi verstinn ech dat net esou ganz. Maer ginn hei guer net richtig opgekläert. Der fäerdeg eis hei all zesummen of, mer ginn net richtig ënnersicht, näischt. A wat ass dat fir e Medikament? Der kënnt de Schweess vun de Leit dach net einfach ënnerdrécken. Schweessdrüsen si ganz normal bei de Leit – an déi brauche maer och. De Kierper produzéiert déi instinktiv. Ech hu vill doriwwer gelies.

Max Madame Müller, Daer hutt Recht. Mee vertraut maer einfach. A 4 Woche sot der maer merci.

Charlotte Ma hoffentlech.

Philippe: Äh... wéini gött et da Geld, wann ech froen däerf?

Max Paula, hues du

Paula: Dach ech hunn!

Max Soubal der di éischte Kéier mäi Wonnermëttel ageholl hutt Haer Reimen, krit der är Entschiedegung.

Philippe: Geil.

Angèle Jo, geil. *(ësst nees eng Cornichon)*

Hélène Tiffy!- Geil. Wat sees du dann do? An hal op an engem Stéck Cornichonen z'iessen. Dat ass dach net normal.

Angèle Ech hunn déi awer gär.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Willy Haer Dokter, äh... wa maer dat zou eis huelen, ass da mat Garantie mäin Zännwéi ewech?

Max Gelift? Ma da wëll maer net méi laang waarden. Wann der di éischte Kéier de Serum kritt, soll der Aech hin leeën. Dat ass psychesch gedéngt- villäicht gi der och kuerz schwindeleg. Sou, loosst eis ufänken.

(d'Paula gött all Patient en eidele Becher an d'Hand)

Angèle Ooahhh ... ech sinn esou opgereegt.

Freddy Kand, ech och.

Max Wee wëll ufänken?

Hélène *(zum Freddy an zum Tiffy)* Ech sollt vir d'éischt, ech kann Aech dann och direkt soen, ob dat iwwerhaapt eppes fir Aech ass.

Max Wann ech gelift Madame Saghuber *(weist op de Ligestull)*

Hélène *(leet sech drop)* Sou Haer Dokter?

Max Jo, jo. – *(hëlt e Krou mat roudem Kräiz a fëllt de Becher)* Eemol Anti-Schweess fir d'Madame. Wann ech gelift.

(se stinn all ronderëm a kucke gespaant)

Hélène Op ex – Haer Dokter?

Max Jo wann der esou léif wäert.

(d'Hélène drénkt, pëtzt d'Aen dobäi zou)

Angèle (ësst nervös eng Cornichon) Mamm, ass alles an der Rei?

Freddy An, Hélène, spiers du schonn eppes?

Hélène *(nodeems et midd wierkt a mam Kapp nom Drénken de Kapp vum Becher hieft)* Jo ech spieren elo grad, dass mäi Mann nach méi domm ass, wéi ech virhunn gemengt hat. Wéi soll ech dann elo schonn eppes mierken?

Freddy Ech menge jo just.

Max Fill der Aech gudd?

Hélène Jo.

Max Wann et Aech net schwindeleg ass, kënn der nees opstoen, an de nächsten däerf sech dohinner leeën. Wee vun Aech wëll?

Philippe: Ech, ech Haer Professor *(sëtzt sech séier op d'Brëtsch)*

Max *(hëlt e bloe Krou)* Eemol fir d'Männer. *(fëllt him d'Glas)*

Philippe: *(drénkt)* Aaaah.... – äh Haer Professor- ech wëll net opdrénglech sinn, mee kéint Daer Aech virstellen, dass ënnert de Patientenn och e "Sonner"patient ass?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Max Wéi meng der dat Haer Reimen?

Philippe: Ech si bereet di 5 fach Dosis ze huelen.

Max (*begeeschtert*) Haer Reimen, ass dat aeren Eesch?

Philippe: Jo, et ass maer eesch. Dat heescht, do ka jo näischt passéieren, oder?

Max Ganz sécher net. Aer Iddie ass immens.

Philippe: Gell? Dat bedeit allerdéngs ..

Max Ja?

Philippe: 5fach Dosis – 5 fach Entschiedegung fir mech.

Max Ah sou – ech verstinn (*iwwerleet*) Nujee. (*kuckt op d'Paula, dat zuckt mat de Schëlleren, dann*) An der Rei Haer Reimen (*fëllt nees d'Gras, de Philippe drénkt giereg, de Max fëllt nees asw.*)

Angèle: Boah, huet dee Courage.

Hélène. Freddy, wann dat méi séier wierkt, da méchs du dat och verstan?!

Freddy Hélène, mengs de?

Angèle Mamm, ech och?

Hélène Jo, Tiffy, du och.

Charlotte. Vreck. Wann dat gudd geet.

Paula (*huet während dem leschten Dialog de Papeierkuerf geholl a kuckt wehleideg dran*) Genau. Wann dat gudd geet.

Riddo

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstück
"De verréckte Professor"*

Wëll Dir dat ganz Theaterstück lesen?

Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstück

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstück gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
[www. mein.theaterverlag.de](http://www.mein.theaterverlag.de)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersnehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de. – www.nrw-hobby.de